De Vivarium
an der Mamer Grondschoul

Auteur: Gast Weydert


Duerch eng Vitrinn kann een och vum Gank aus déi exotesch Déieren beobachten

De Vivarium ass e Projet an der Grondschoul zu Mamer, deen no vill Preparatioun, Presentatioun a Verhandlungen de «Feu vert» vum Schäfferot krut a mat der Schoulrentrée 2011 ulafe konnt.

Wow ! Kann ech upaken?

De Vivarium ass e Projet an der Grondschoul zu Mamer, deen no vill Preparatioun, Presentatioun a Verhandlungen de «Feu vert» vum Schäfferot krut a mat der Schoulrentrée 2011 ulafe konnt. Responsabel vum Projet sinn zwee Schoulmeeschteren, déi sech ëm d'Organisatioun, den Entretien an d'Workshops këmmeren.

Méi wéi nëmme Beobachten, Ënnersichen an Experimentéieren

Beobachten, Ënnersichen an Experimentéiere sinn a ville Schoulfächer vu Bedeitung. Mee kee vun deenen Elementer ass direkt vergläichbar mam tatsächlechen Ëmgang mat liewegen Déieren an hirer Haltung. Subjekt-Objekt-Bezéiungen an de Wëssenschaftsfächer beschränke sech net just op déi kognitiv Ebene; hei spillen och emotional, ethesch an ästhetesch Aspekter eng wesentlech Roll. Den Ëmgang mat liewegen Déieren am Unterrecht déngt nieft der Vermëttlung vu Fachwëssen och dem Ofbau vu Viruerteeler, Eekel oder Angscht, an der Erkenntnis, dass Déiere bestëmmte Liewensusprech stellen, verletzbar sinn a jee nodeem och op eise Schutz ugewise sinn.

De Vivarium: en ëmfunktionéierte Klassesall

De Vivarium ass en ëmfunktionéierte Klassesall, deen no Ofsprooch mat de Gemengenautoritéiten an engem Schräiner innenarchitektonesch sou gestalt gouf, dass en eisen Ufuerderunge Rechnung droe kann. Sief bemierkt, dass deemools zoufälleg eng Annexe un

Beobachten, Ënnersichen an Experimentéiere sinn a ville Schoulfächer vu Bedeitung.

Mee kee vun deenen Elementer ass direkt vergläichbar mam tatsächlechen Ëmgang mat liewegen Déieren an hirer Haltung.

Déieren liewen dauerhaft am Vivarium vun der Schoul

d'Haaptgebai gebaut gouf an dëst de perfekten Zäitpunkt war, fir en neie Spezialsall vun Ufank un optimal anzeriichten. Nieft den innenarchitektoneschen Elementer, déi een zu Mamer an all Klassesall fënnt, hu mer am Vivarium e grousse Wandschaf fir divers Terrarien agebaut krut an zousätzlech Zougäng zum Waasser. Besonnesch interessant ass awer d'Vitrinn, duerch déi een am Gank verschidden Déiere gesäit. Accès huet ee vu bannen duerch extra ugefäerdegt Schibedieren, déi per Schlëssel kënne gespaart ginn. Den Accès zum Vivarium selwer ass limitéiert op e puer Persounen.

Zu den Déieren, déi dauerhaft am Vivarium liewen, gehéieren divers Schlaangen ewéi zum Beispill Kornnatteren a Kinneksnatteren, awer och Vullespannen. Mir hunn eis bewosst fir dës Reptilien a Wirbelloser entscheet, well souwuel d'Haltungsparameteren ewéi och den Entretien ganz einfach ëmzesetze sinn. Sou geet et duer, wann een an de Schoulvakanzen zweemol d'Woch passéiert fir nom Rechten ze kucken.

Jee no ugebuedenem Workshop liewen awer kuerzfristeg och aner Gäscht ewéi Schildkröten, Echsen oder Fräschen am Vivarium. Dëst ass méiglech, well dat sech mam privaten Hobby – der Terraristik – vun engem vun de Responsabelen iwwerschneit.

Lieweg Déieren hautno erliewen

Inhaltlech tauchen d'Kanner vu Precoce bis Cycle 4 eran an d'Welt vun de Schlaangen, de Schildkröten, den Echsen, den Amphibien an de wirbellosen Déieren, dëst ëmmer mat Phasen am Sëtzkrees, wou d'Kanner d'Déieren hautno erliewen a beobachte kënnen. Déi meescht vun eisen Déiere sinn den Handling gewinnt a stellen zu kengem Moment eng Gefor duer. Nieft dësen Handling-Phase ginn et Geschichten ze lauschteren, kleng Texter ze liesen, Slides um Beamer ze bewonneren, kuerz Filmer ze kucken, Beobachtung an Dokumentatioun mat Hëllef vu Binokularen, kleng Opträg mat kooperative Léiermethoden a villes méi – ëmmer ugepasst un de jeeweilegen Alter vun de Schüler.

Nieft de Workshops mat Déieren hunn d'Klassen am 3. Trimester och d'Méiglechkeet, Themen ewéi Geocaching, Stroumkreeser, Hielemolerei, Photosyntese a.s.w. unzegoen.

Wärend 8 Schoulstonne pro Woch lafen des Workshops, an déi d'Titulaire sech eemol pro Trimester aschreiwe kënnen. Obwuel ganz kloer déi exotesch Déieren den Highlight an éischte Bléckfang am Vivarium sinn, geet et am Endeffekt wéi an hierkëmmleche Schoulstonnen nieft Wëssensvermëttlung drëm, divers Léiermethode kennenzeléieren an Aarbechtsstrategien unzewenden.

Porte ouverte den 9. November vun 10:30 bis 12:00 Auer

All zwee Joer organiséiert d'Vivarium-Team zesumme mat engem Aarbechtskolleg, deen niewebäi Beienziichter ass, de Beiendag fir sämtlech Schüler aus dem Cycle 3.

Säit e puer Joer kommen heiansdo och Pompjeeën a Secouristen an de Vivarium, fir den Ëmgang mat exoteschen Hausdéieren ze léieren.

D'Elterevereenegunge vu Mamer, der Cap a vun Holzem ënnerstëtzen de Vivarium jäerlech mat engem finanziellen Don, deen eis et erméiglecht, defekt Technik z'ersetzen, Fudder fir d'Déieren ze kafen, oder neit Material fir de Sciences-Unterrecht ze beschafen.

All November mécht de Vivarium seng Diere wärend engem Samschdeg Moien op fir jiddereen dobaussen, dee Loscht huet, laanscht ze kommen. Dësen Dag ass säit jeehier ëmmer gutt besicht. Dëst Joer ass d'Porte ouverte de 9. November vun 10:30 bis 12:00 Auer.

Gast Weydert

Weider Infoen, vill Fotoen a Filmer aus den Ufanksjoren fannt dir op:

www.mamerschoulen.lu

Vivariumtv

Facebook: Vivarium - www.mamerschoulen.lu

De Gast Weydert ass Enseignant am Cycle 4.1. an huet de Projet vum Vivarium matinitiéiert

LuxDidac 2019

“Arbeit im Wandel” E Virtrag vum Michael Vetter

Auteur: Roby Zenner

Wéi all Joer goufen och dëst Joer am Kader vun der LuxDidac eng Rei pädagogesch Formatiounen ugebueden a Virträg gehalen.

D’LuxDidac ass eng Ausstellung, wou innovatiivt a bewäert Schoulmaterial, mee och praxisbezunnen Unterrechtsmaterial an Unterrechtsmethoden den Enseignantë virgestallt an zougänglech gemaach ginn. Och déi 24. Editioun vun der LuxDidac gouf nees zesumme vun der Feduse Enseignement/CGFP a vum sne/cgfp organiséiert. Hei fannen d’Enseignanten eng grouss Unzuel un nationalen an internationalen Editiounshaiser, déi eng Hällewull un differenzéiertem an didaktéschem Hëllefsmaterial ubidden.

Wéi all Joer goufen och dëst Joer am Kader vun der LuxDidac eng Rei pädagogesch Formatiounen ugebueden a Virträg gehalen. De Roby Zenner war an de Virtrag vum Michael Vetter iwwert „Arbeit im Wandel.“

Arbeit im Wandel, ein Vortrag von Michael Vetter

Zum Abschluss der 24. Auflage der LuxDidac, die wie die vorigen Ausgaben einen großen Erfolg verbuchen konnte, referierte in der Aula des Athenäums in Luxemburg Michael Vetter, Rhetorik- und Kommunikationstrainer, in einem tiefsinnigen und überaus interessanten Vortrag zum Thema «Arbeit im Wandel». Ob Banken, Versicherungen, Kranken- und Altenpflege oder auch weitere Dienstleistungen, wie der öffentliche Personennahverkehr oder die Straßenreinigung, die Folgen der Digitalisierung lassen kaum einen Beruf unberührt. Deshalb ging Michael Vetter diesbezüglich spezifischen aktuellen Fragen nach wie nachstehende: Welche Chancen birgt das Thema «Digitalisierung»? Welche Risiken sind schon heute erkennbar? Wo entsteht Neues? Wo entfällt Bewährtes? Ein spannender und humorvoller Vortrag rund um die Arbeit der Gegenwart und der Zukunft.

Die rasche Entwicklung der Digitalisierung

Die Digitalisierung, so der Redner, ging schneller vor sich als gedacht: Als Nachrichtensprecher im Rundfunk arbeitete er noch vor Jahren gemeinsam mit vier weiteren Mitarbeitern, heute arbeitet ein Angestellter allein. Die Folgen der Digitalisierung sind nicht abzusehen, und besonders: Was geschieht mit den Menschen? Viele werden einfach wegrationalisiert, so dass sich ein Vergleich mit der Titanic durchaus aufdrängt.

Der öffentliche Dienst in Deutschland und in Luxemburg tut sich heute schon schwer, Nachwuchs zu finden, da die Privatwirtschaft boomt. Die Einkäufe via Internet nehmen in unwahrscheinlichem Umfang zu, Weltfirmen wie Thomas Cook melden eigentlich unerwarteter Weise Konkurs an, die neue chinesische Seidenstraße wird bis nach Duisburg gelangen.

Erschreckende Erkenntnisse in China und in Japan

In manchen Städten Chinas steht die Bevölkerung unter totaler Beobachtung. Ein Punktesystem wurde eingeführt, gemäß dem die Einwohner belohnt oder bestraft werden. Wer sich an die chinesischen Gesetze hält, bekommt höhere Zinsen als jene, die gegen das Gesetz verstoßen. Im Hamburger Hafen werden heute schon manche Arbeiten, die noch vor einiger Zeit von Hunderten von Arbeitern ausgeführt wurden, per einfachen Mausklick verrichtet. Für das Jahr 2100 rechnet

Die Digitalisierung, so der Redner, ging schneller vor sich als gedacht: Als Nachrichtensprecher im Rundfunk arbeitete er noch vor Jahren gemeinsam mit vier weiteren Mitarbeitern, heute arbeitet ein Angestellter allein. Die Folgen der Digitalisierung sind nicht abzusehen, und besonders: Was geschieht mit den Menschen?